



tem vun de Preretraiten op de Metier ze huelen an ze kucken, wat an de Prereträit Sënn mécht, haut nach, ënnert deene Konditiounen, wou mer haut sinn, a wat effektiv net onbedéngt méi Sënn mécht, a wat och misst verbessert oder geännert ginn.

An dat ass eigentlech de Sënn vun dësem Projet. Mir schafen de Prinzip - contrairement zu deem, wat eis vun, wéi Dir géift soen „neolibéralen“ Agencé recommandéiert gëtt -, mir schafen d'Preretraite net of, well d'Preretraite-ajustement bleift an d'Preretraite progressive gëtt verbessert. An d'Preretraite-ajustement gëtt och verbessert!

D'Preretraite-solidarité. Fir datt d'Leit dobaussen elo genau wëssen, wéi et weidergeet, well allegueren déi, déi an engem Betrib schaffen, wou et e Kollektivvertrag gëtt, wou effektiv déi Preretraite-solidarité drasteet, déi wëll ech emol fir d'Éischt berouegen: Soulaang dee Kollektivvertrag besteet, ass hiert Recht - à condition, datt se an där Zäit 57 Joer kréien - och nach op eng Preretraite-solidarité garantéiert.

A mir hu souguer an engem Secteur virun e puer Méint nach eng Preretraite-solidarité agefouert, well dat am beschte fonctionnéiert huet, fir do effektiv de Leit nach d'Méiglechkeet ze ginn - fir en net ze nennen: am Stolsecteur -, éischter an d'Pensioun ze goen, well dat och Leit waren, déi awer nach ënnert där schwéier Zäit vun der Kris an deem Secteur vill hu mussen erliewen.

Duerfir, éischters, mir hunn eng laang Phas geholl, fir déi Preretraite-solidarité ofzeschaffen. Déi ass nach net komplett ofgeschafft, well et nach ëmmer wäerte Leit ginn, déi dovu kënne profitéieren, wa se an hirem Kollektivvertrag steet.

Zweetens muss ee jo awer kënne, an ech mengen, do gi vill Saache vermëscht, sech Froe stellen, ob dat Instrument, wat jo net als en Instrument konzipéiert ass, well déi Leit allegueren esou penibel Aarbechten hunn... Mä dat Instrument ass konzipéiert gi mat der Iddi, der vläicht e bëssen iwwerspëtztener Iddi: „Déi Eeler ginn an d'Pensioun an déi Jonk réckelen no“, fir et emol op e bësse méi en einfache Punkt ze bréngen.

An hei muss ech soen: Deen Objektiv huet net esou funktionéiert, wéi dat initialement vun engem virviregten Aarbechtsminister geduecht gi war, well, éischters emol, esou vill Leit sinn net an d'Preretraite-solidarité gaangen. Mir leien hei bei engem Duerchschnëtt vun à peu près 150 Leit pro Joer. Well déi 300 an eppes, dat sinn dräi Joer cumuléiert. 150 Leit pro Joer: Dat ass net vill!

Hei sinn Zuele genannt ginn, wat ech appreciéiert hunn, wi vill Leit eng Retraite anticipée kréien. An do si mer scho méi no bei der Penibilitéit, well dat sinn déi Leit, déi 40 Déngschtjoren hunn, dat heescht, déi fréi an hirem Liewen ugefaangen hu mat schaffen, also och gewéinlech a ville Fäll - ech géif gär soen, bal an alle Fäll - eng relativ schwéier a penibel Aarbecht haten. An dodru gëtt näischt geännert. Dat bleift esou, wéi et ass! Dat Recht, éischter an d'Pensioun ze goe mat enger Anticipée fir déi Leit bleift 100%eg bestoen! An dat sinn der iwwer 4.000, géint 150.

► **Une voix.** - Très bien! Très juste!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.* - Déi 150, muss ee soen, dat waren der, déi Chance haten, well dat waren net Leit, déi aus iergendwelchen objektive Grënn elo éischter konnt an d'Pensioun goen. Neen, déi haten einfach Chance, datt hire Betrib gesot huet: „Okay, ech si fir d'Preretraite-solidarité. Du kanns fir mech éischter an d'Pensioun goen. Ech probéieren dann, Leit an denger Plaz anzustellen.“ Dat sinn also net vill Betriber, dat waren net vill Leit. Dat ware par rapport zu all deenen, déi net vun där Mesure profitéiert hunn, ganz wéineg Leit.

Elo ass et awer esou, datt grad dee Mechanismus, firwat jo déi Mesure geschaf ginn ass, net funktionéiert huet, well an deene Secteuren, wou déi Leit a Pensioun gaange sinn, ganz oft d'Remplacements net onbedéngt méiglech waren, well mer net ëmmer Leit fonnt hunn, déi an der ADEM ageschriwwen waren, fir déi, déi an d'Preretraite-solidarité gaange sinn. An dann hu mer eis missen op de Kapp stellen a maachen esou wéi wann deen, deen an d'Preretraite-solidarité gaangen ass, vun engem remplacéiert gi wier, deen am Chômage war an dann och nach eng Zäitchen an der ADEM ageschriwwen war. An do ass de Beschäftigungseffekt vun där Preretraite-solidarité gläich oder praktesch Null!

Ech hunn dat hei an engem Debat ënnert der viregter Regierung mat engem CSV-Deputéierte schonn deemoos, deen och genau déi nämlech Argumenter gebraucht huet wéi Dir, hei diskutéiert. Dat war den Här Weber. Also, de Punkt ass deen: beschäftegungspoliteschen Effet Null vun der Preretraite-solidarité!

Elo komme mer awer bei de Punkt vun der Penibilitéit. Jo, ech sinn absolut d'accord, datt mer mussen eng Iwwerleeung hunn iwwert d'Penibilitéit am Pensiounssystem en général. Mir hunn eng Äntwert, ech hunn et elo virdru gesot, iwwert d'„Anticipée“. Mir hunn eng zweet Äntwert, an dat ass déi, déi hei am Gesetz steet: Dat ass déi vun der „Postés“. Well wann et ee ganz objektive Kritär gëtt vu Penibilitéit, dat ass dee vun deene Leit, déi net regelméisseg schaffen. Dat sinn déi Leit, déi nuets musse schaffen, iwwer Joren! Dat ass e Kritär vu Penibilitéit, dee ganz kloer a ganz evident a ganz einfach ze beleëen ass.

A grad do, well dat en Effet de pénibilité ass, a grad well ech der Meenung sinn, datt mer engem, dee 15 Joer laang Schichte schafft, nuets schafft, an engem Spidol schafft zum Beispill - net nëmme an engem Spidol, mä ganz oft sinn et Fraen, vill Fraen, déi als Infirmière am Spidol schaffen - mussen de Wee opmaachen, fir och kënne voll vun deem Recht ze benefisséieren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.* - An dat hu mer gemaach, andeem mer soen: „Net méi 20 Joer, mä 15 Joer.“ An och déi 20 Joer (veuillez lire: 15 Joer) mussen net stattfannen, ier een an d'Pensioun geet, ier een an d'Preretraite geet, déi kënne an deene 25 Joer virdru stattfonnt hunn.

Also ass hei en Assouplissement, eng Verbesserung grad fir déi Kategorie vu Leit, déi nuets geschafft hunn oder op Schichte geschafft hunn, realiséiert ginn. An ech mengen, dat ass e wesentleche Bestanddeel, eng wesentlech Verbesserung vum System vun der Preretraite, déi wäit iwwert dat erausgeet, wat effektiv d'Ofschafe vun der Preretraite-solidarité ass.

Deen zweete Punkt, deen ech wëll soen, deen och eng nette Verbesserung ass, ass deen, datt grad bei der „Postés“ Leit, déi am Chômage sinn an déi virdrun ënnert déi Clause gefall sinn, well se 15 Joer laang nuets geschafft hunn oder op Schichte geschafft hunn, datt déi, wa se 57 Joer hunn, obwuel se jo keen Job méi hunn - si sinn am Chômage -, och kënne vun där „Preretraite postés“ profitéieren an also och kënne mat 57 Joer an d'Pensioun goen. Dat ass och eng Unerkennung vun deem, wat virdrun am Berufsliewe war. An déi Persoun, wa se am Chômage ass... (veuillez lire: huet déi Méiglechkeet elo). Dat war virdrun net esou am Gesetz virgesinn, dat ass elo awer virgesinn an dat ass eng ganz kloer positiv Mesure, ass eng ganz kloer Verbesserung, déi an deem Projet hei ass.

Ech mengen, besser wéi den Här Gibéryen kann ech elo déi Saach mat der Méiglechkeet, fir den Alter och opzemaachen no 57, net explizéieren. Ech mengen, Dir hutt dat magistralthemaach. Ech brauch dorop net zrëckekommen. Dat ass also ganz richtig, wat Der do gesot hutt.

Ech wëll awer och nach e Wuert soen iwwert d'Preretraite progressive. Déi ass vu wéineg Leit bis elo geholl ginn iwwert déi ganz Joren, wou se besteet. Mir hunn déi méi soupel gemaach, mir hu se méi flexibel gemaach. A mir hu besonnesch op Ufro vu gewëssene Secteuren - och well an deene Secteuren vill Frae schaffen, zum Beispill am Spidolssektor - d'Méiglechkeet opgemaach, datt een, deen net voll geschafft huet - a grad am Spidolssektor schaffe vill Fraen net voll, schaffen zum Beispill 75% -, och d'Recht huet op eng Preretraite progressive. Dat heescht: Virdrun huet ee missen 100% schaffen, fir iwwerhaupt an de Genoss vun där Mesure ze kommen. Dat kann een elo och, wann een net voll geschafft huet, wann een nëmme 75% geschafft huet, wat e wesentlechen... Ech sinn eng ganz Rei kéieren ugeschwat gi vu Leit, besonnesch aus dem Sektor Spidol oder Soins, déi dat gefrot hunn.

A mir hoffen och, datt déi aner Mesuren, déi elo ronderëm d'Preretraite progressive sinn, datt et do och méi soupel ginn ass, wat d'Contrepartie ass, fir een anzestelle respektiv och, wann et an enger Conventione collective virgesinn ass, da muss de Patron där Persoun dat zougestoen. Dat war virdrun net esou. Elo muss en, wann dat an enger Conventione collective virgesinn ass, da kann en net soen: „Du dierfs goen“, an „Du dierfs net goen“, dann ass et eng Mesure générale, wou all Salaré onbedéngt dovu ka profitéieren.

Ee Wuert iwwert déi fënnef Joer: Jo, ech hunn dat esou explizéiert an dat ass och esou! An ech mengen, d'Fro, déi stellt sech a ganz wéineg Fäll, datt Leit dräi Joer ier se sollen an d'Pensioun goen op emol de Betrib gewieselt hunn, fir dann op eemol an eng Preretraite ze kommen. Mä de Fait, datt mer derfir gesuergt hunn, datt déi Leit, déi an engem Betrib nach net ganz laang schaffen a wou awer de Betrib eng Faillite mécht oder muss Leit entloossen oder an engem Plan de maintien ass, kënne

och da schonn no engem Joer heivu benefisséieren, deckt praktesch allegueren déi Fäll do of an dat stellt u sech absolut dann och kee Problem méi.

Duerfir soen ech emol éischters, datt ech ganz frou sinn, datt esou eng large Majoritéit dee Projet hei ënnerstëtzt. Dat ass e Projet, deen effektiv ons Aarbechtswelt verbessert, besonnesch fir déi Leit, déi et méi schwéier hunn, fir déi Leit, déi och an engem Betrib sinn, wou eng Kris ass. Dat ass de Maintien vun der Preretraite-ajustement. An och en interessanten neie Modell, en ale Modell, deen awer net gebraucht ginn ass: d'Preretraite progressive, wa mer och elo kënne an engem Fall vu Preretraite-ajustement de System vun der Preretraite progressive gebrauchen, wat och interessant ass, wa Betriber eng Preretraite-ajustement maachen, mä si soen: „Mä dat do ass awer eng Persoun, déi géife mer nach e bësse brauchen“, an déi géif net an de Genoss komme vun der Preretraite-ajustement, dann ass hei d'Méiglechkeet, fir zum Beispill eng Preretraite-ajustement progressive ze ginn, wou se manner schafft, awer trotz allem schonn en Deel kann an d'Pensioun goen.

A mä leschte Punkt ass dee vu Pensioun a schaffen, wat mer jo beim Stat hunn, wat mer zum Deel jo och iwwert d'Preretraite progressive hei hunn. Ech hu laang diskutéiert an ech sinn do net eleng de kompetente Minister, well do och de Minister vun der Sécurité sociale engagéiert ass. Ech mengen, mir sinn elo op engem Punkt ukomm, wou mer ganz schnell wäerten e Projet de loi, deen och deen dote Volet behandelt, dee jo och an engem Accord tëschent de Gewerkschaften an dëser Regierung ofgemaach war, soumettéieren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Aarbechtsminister. Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen zum Projet de loi 6844 ukomm a mir kéinten zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6844 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo schonn eriwuer.

58 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen, keng Abstentounen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Projet 7185. Et geet doran ëm en Accord mat Estland am Beräich vum Späichere vun Donnéeën a vun Informatiounssystemer. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorebelen Här Yves Cruchten.

10. 7185 - Projet de loi portant approbation du «Agreement between the Grand Duchy of Luxembourg and the Republic of Estonia on the hosting of data and information systems», signé à Luxembourg, le 20 juin 2017

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **M. Yves Cruchten** (*LSAP*), *rapporteur.* - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut iwwer e Gesetzesprojet of, dee vläicht nach net an der Opinion publique, op d'mannst bis elo, gréisseren Interessi fonnt huet. Dobäi geet et awer hei ëm eng beidend Neierung, en innovative Projet, deen et esou an där Form nach net gouf, weder hei zu Lëtzebuerg nach soss an der Welt.

Zanter Joren investéiert de Lëtzebuerger Stat vill Suen a seng digital Infrastruktur an d'Iddi dohannert ass, sech als IT-Standuert ze positionéieren. Dat huet natierlech en Impakt op eis Économie an et schafft nei Aarbechtsplazen, och nei Opportunitéite fir d'Akteuren an deem Secteur, ënner anerem déi aus dem Commerce électronique.

Mir sti mëttlerweil op där zweeter Plaz weltwäit, wat eis IT-Infrastrukturen an d'Konnektivitéit vun eise Stéit ugeet. Wann ee just reng de Business kuckt, esou ass deen haut zu iwwer 97% un eis IT-Infrastrukturen ugebonden. Mat der Strategie „Digital Lëtzebuerg“ firt d'Regierung weider mam Ausbau vum Standuert Lëtzebuerg mat dem Zil, e Centre d'excellence ze sinn, wat déi nei Technologien ugeet.

Mat deem Accord, deen tëschent der Republik Estland a Lëtzebuerg ofgeschloss gouf, schafe mer hei am Land eng sougenannt „Ambassade fir Donnéeën“. Fir Estland geet et drëms, seng Donnéeë sécher an ausserhalb vu sengem eegenen Territoire ze späicheren. Estland ass jo och bekannt fir seng innovativ Servicer a seng digital Wirtschaft, ech géif souguer bal soen, seng digital Gesellschaft. Ech erënnere mech drun, dass ech schonns am Joer 2001 zu Tallin mäin Tramticket per SMS bezuelt hunn, zu enger Zäit, wou et nach keng Smartphoné gouf a wou de 4G héchstens aus der Formel 1 bekannt war.

Den Accord, dee mer haut ënnerschreiw, gesäit vir, dass dësen Datenzenter, dee Lëtzebuerg den Esten zur Verfügung stellt, net nëmme vum neisten techneschen a sécherheitsrelevante Standard ass, mä och, dass d'Donnéeë grad ewéi d'Infrastruktur e besonnesche Schutz genëssen, ännelech wéi een dat och vläicht bei Ambassade kennt, déi geschützt sinn. Esou dierfen dës Equipementer net saiséiert ginn a grad wéi bei de Missions diplomatiques ass den Accès reglementéiert.

D'Sécherheitsstandarde sinn zum Beispill déi, déi och vun der NATO imposéiert ginn. Dësen Datenzenter hänkt net am World Wide Web an ass deemno net anescht zougängelech wéi duerch eng Direktverbindung aus Estland, wat natierlech e wichtege Sécherheitsaspekt duerstellt.

Dat, wat Lëtzebuerg an deem Domän unzëiden huet, nämlech déi sougenannt „Tier IV“-klassifizéiert Datenzentren, dat ass dat Besch, wat et zurzäit gëtt, a garantéiert deen héchsten Niveau un Disponibilitéit. Gréisser direkt Recetté sinn zwar mat dësem Projet net ze erwaarden, mä et geet hei ëm eis Reputatioun als Land an och als IT-Standuert.

Nodeems schonn déi Europäesch Kommissioun hiren neien Datenzenter vu Bréssel op Lëtzebuerg verluecht huet an och d'NATO hei am Land mat eis e gemeinsamen Datenzenter lancéiert huet, ass dat heiten deen drëtten Projet, wou Institutiounen oder Länner eis hir Donnéeën uvertrauen.

Et gëtt dacks gesot, dass Daten de Rohstoff vun der Zukunft sinn. Et muss een dofir och verantwortungsvoll dermat ëmgoen. Dass d'NATO, d'EU-Kommissioun an och Estland eis hir Donnéeën uvertrauen, ass deemno e ganz grouse Vertrauensbeweis an och Beweis fir déi digital Kompetenz, déi hei souwuel am Privatsektor an awer och beim Stat existéiert. Heimat kënne mer eist Land positionéieren als e wichtege Akteur op deem Marché.

Dëse Projet de loi gouf an der Kommissiounssetzung vum 6. November ugeholl. Et gouf an der Kommissioun, och opgrond vum Avis vum Statsrot, eng Diskussioun iwwert den Titel vum Projet de loi. Et gouf drop higewisen, dass den Titel op Englesch verfaasst ass an dass Englesch awer keng vun eisen offiziellen an administrative Sproochen ass.

Dozou muss een awer wëssen, dass den Accord, deen tëschent béide Länner ënnerschriwwen gouf, just op Englesch verfaasst gouf an dass et dofir och keng offiziell franséisch Iwwersetzung gëtt. Esou Fäll goufen et der awer scho méi an der Vergaangenheet.

D'Kommissioun huet awer vun der Geleeenheet profitéiert, fir licht Adaptatiounen um Titel ze maachen, an esou ass séchergestallt, dass dat alles och seng Richtegkeet huet.



Selbstverständlech ginn ech den Accord vun der LSAP zu dësem Projet de loi a felicitéieren der Regierung gradesou wéi de Leit vum Centre informatique fir dësen innovative Projet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Rapporteur. An dann huet direkt d'Wuert den Här Mosar.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo. Merci fir d'Alleréischts dem Här Rapporteur Cruchten, deen en exzellente schréfftlechen a mëndleche Rapport hei ofgeliiwwert huet. Ech mengen, en huet am Detail erkläert, ëm wat et hei geet. Mir sinn am Kontext vun der Digitaliséierung: en Accord tëschent Estland a Lëtzebuerg, deen an déi richteg Richtung geet. Duerfir fannen den Accord souwéi och dat Gesetz eisen Accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei gesäit een direkt, datt déi Strategie „Digital Lëtzebuerg“ hei hir éischts gréisser Friichten dréit. Ech mengen, dat ass gutt fir eist Land, et ass gutt fir eis Ekonomie. Mir sinn amgaangen, hei och eng international Renommée opzebauen.

Besounesch interessant ass, datt een dat mat engem Land mécht wéi Estland, wann ee bedenkt, datt dat nach bis 1990 ënnert der Fuchtel vun der Sowjetunioun stoung an haut als e modernt Land dosteet, wat besounesch op dem Niveau vun der Digitaliséierung scho wichteg Etappen hanneru sech huet.

Fir eis, wéi gesot, als Land ass dat heiten e wichtige Schrëtt, e gutt Gesetz. An dowéinst bréngen ech d'Zoustëmmung vun der DP, soen awer och dem Yves Cruchten nach Merci fir seng gutt Rapporten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dem Projet de loi 7185 vun de Mëtteen gi mer nei, innovativ Weeër. Et schéngt eis eent vu villen Zeechen ze sinn, datt d'Positioun vu Lëtzebuerg am Secteur vun den Technologies de l'information et de la communication eng staark ass. D'Strategie vun „Digital Lëtzebuerg“ geet op. D'Efforten, fir aus Lëtzebuerg e Virreider a séchere Partner am Beräich vun dësen neien Technologien ze maachen, droen hir Friichten.

Mat dem Accord, dee mer haut mat dësem Gesetz ratifizéieren, schafe mer eng Zort virtuell Ambassade fir Estland zu Lëtzebuerg. Dat ass, an de Rapporten huet et scho gesot, en Zeeche vu Vertrauen, wat engersäits eis Regierung an Estland huet, well jo och d'Republik Estland kann Aktivitéiten op eise Terrain maachen, déi ënner hirer Autoritéit oflafen, an eleng ënner hirer Responsabilitéit. Et ass natierlech och en Zeechen, datt d'Regierung vun Estland Vertrauen an eist Land an an „Digital Lëtzebuerg“ setzt.

Ech soen dem Rapporteur och Merci fir säi mëndlechen a schréfftleche Rapport. Mir si gespannt, ob dësen Accord den Ufank ass vun enger méi laanger Serie vun äänlechen Accorden. Et stellt sech jo elo d'Fro, ob dann „Digital Lëtzebuerg“ d'Antwort ass op d'Entwécklungen am Finanzsektor. Wann ech zum Beispill den Interview de Moien am „Wort“ huele vum Direkter vum Centre des technologies de l'information, do huet den Här Gilles Feith gesot, ech zitieren aus deem Artikel: «Du centre de confiance des banques, le Luxembourg doit devenir un centre de confiance européen.» Hei schéngt mer dee Wee ze goen. Mir gi mat op deen digitale Wee. Mir froen eis natierlech och: Ass bei „Digital Lëtzebuerg“ alles méiglech oder musse mer eis och do iwwerleeën, ob dat heiten, wéi gesot, den Ufank vun enger laanger Ketten ass oder ob et just eng Parenthèse ass?

Ech soen lech Merci an ech brénge selbstverständlech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och ufänke mat engem grouse Merci un de Rapporteur, datt en eis deen heite moderne Projet, flotte Projet presentéiert huet, dee mir als ADR och ganz gär ënnerstëtzen.

Ech wéilt hei zwou Bemierkunge maachen an ech sinn och besounesch frou, datt d'Regierung haut vertrueden ass duerch e Minister, deen och selwer eng laang Erfahrung an der Diplomatie huet, well déi zwou Bemierkungen, déi ech wéll maachen, déi hunn direkt domadder ze dinn.

Déi Éischt ass, datt mer natierlech, well mer iwwer Estland schwätzen, kéinten eng Kéier eng Reflexioun maachen - dat maache mer elo net haut- allgemeng iwwer eis Verriedung an där Regioun, wou mer jo wëssen, datt mer och als Benelux mat de baltische Staten probéieren, en intensiven Dialog ze féieren, datt mer eng Kéier iwwert d'Architektur vun eiser Verriedung an där Regioun kéinten nodenken.

Mä dat Zweet, wat ech wéilt soen, dat ass elo eigentlech dee Präzedenzfall, dee verschidde Leit hei schonn ënnerstrach hunn, iwwert dat, wat mer haut hei maachen: en Ofkommen tëschent zwee Staten iwwert d'Stockéierung vun Donnéeën an eng Weiderentwécklung vun internationalen effentleche Recht an deem Sënn, datt mer hei eng Dispositioun huelen, wéi eng Privileegien an Immunitéite mer an engem Beräich ginn, dee bis elo am internationalen effentleche Recht kaum oder guer net regléiert ass.

Hei ass och eng Nisch fir Lëtzebuerg. Net nëmmen, datt mer kënnen higoen a soen: „Mir entwéckelen eisen digitale Standuert Lëtzebuerg“, oder: „Mir maachen dës oder déi technologesch Erneierung“, mä et ass och e Präzedenzfall am internationalen effentleche Recht. A mir kéinten als Lëtzebuerg eis och profiléieren doduerch, datt mer zum Beispill soen: „Dat wat 1961 net konnt antizipéiert gi beim Wiener Ofkommen iwwer diplomatesch Relatiounen, kéinte mer eventuell elo an Negociatiounen abréngen, fir en Zousazprotokoll oder eng Moderniséierung och am internationalen effentleche Recht bei internationalen Institutionen oder am bilateralen tëschestaatleche Beräich kënnen ze erreechen.“ Et géif eist Land profiléieren an internationale Gremien, den Droit moderniséieren an och an deene Gremien dozou bäidroen, d'Virdeeler vu Lëtzebuerg als Standuert ze ënnersträchen.

An deem Sënn, Här President, huet d'ADR lech eng Motioun virbereet, déi mer lech heimadder däreren iwwerrechen...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ...a vun där mer hoffen, datt se kann den Accord vun dësem héijen Haus kréien. Ech soen lech Merci.

Motion 1

D'Chamber,

- am Bewosstsi vun där ëmmer méi grousser Wichtigkeet vun der Digitaliséierung vun den Donnéeën an hirer Stockéierung ënner beschtméiglechen a séchere Konditiounen;

- iwwerzeegt, datt Lëtzebuerg och an dësem Beräich soll eng wichteg Roll spillen an datt de verantwortungsvollen Emgang mat digitalen Date kann zu enger weiderer Diversifizéierung vun eiser Ekonomie bäidroen;

- sech bewosst, datt dës Entwécklung och an den tëschestaatleche Relatiounen eng ëmmer méi grouss Roll spille kann an datt Lëtzebuerg déi Chancen, déi sech an dësem Beräich opdoen, muss fräizäitig erkennen an notzen;

- wëssend, datt esou international Entwécklungen och Implikatiounen op dat internationaalt effentlecht Recht hunn an datt d'Klärung vun deene juristesche Froen an déi domat verbonne Rechtssecherheet en onverzichtbare Grondstee fir den Ausbau vun den tëschestaatleche Relatiounen am Datwiese sinn;

- drun erënnerend, datt déi Wiener Diplomatenrechtskonventioun vun 1961 déi modern Entwécklungen am Beräich vun der Digitaliséierung an hir Implikatiounen op déi diplomatesch Relatiounen net konnt antizipéieren;

begréisst

- dat Ofkommen tëschent Lëtzebuerg an Estland iwwer „the hosting of data and information systems“, dat op dësem Gebitt Neiland betratt huet;

stellt fest,

- datt dat Ofkommen an engem bestëmmte Mooss Virbild fir eng deelweis Upassung a Moderniséierung vun den internationale Konventiounen iwwert d'Regele vun den diplomatesche Relatiounen tëschent de State ka sinn;

ass iwwerzeegt,

- datt eng Pionéierroll vu Lëtzebuerg an dësem Gebitt positiv Repercussioune op eis Perceptioun an internationalen Institutione kann hunn an och d'Promotioun vu Lëtzebuerg am Beräich vun der digitaler Ekonomie ka favoriséieren;

fuerdert d'Regierung op,

- op internationalem Niveau Initiativen ze huelen, déi et erlaben, déi pertinent Konventiounen

iwwert d'Relatiounen tëschent de Staten un déi nei digital Entwécklungen an Opportunitéiten unzepassen.

(s.) Fernand Kartheiser

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An nächste Riedner ass den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech mengen, an dësem Projet de loi geet et jo och net nëmmen ëm IT. Mir wëssen, datt Estland jo derfir bekannt ass, fir e Land ze sinn, wat quasi op 100% Digitaliséierung setzt. Ob dat esou 100%eg positiv ass, sief dohigestallt, dat ass de Choix vun den Este selwer. Ech sinn e bësse méi skeptesch, wat dat ugeet, mä dat ass just meng Appreciatioun.

Mir wëssen awer, datt mat esou enger Strategie och e Land, deemno wéi, eendeiteg méi einfach ka lamgeluecht ginn. An ech wéll drun erënneren: Et gouf jo eng Aart Präzedenzfall am Joer 2007, nodeems e Mäinmal vun der Rouder Arméi zu Tallin deplacéiert gouf, wat fir eng gréisser Kontrovers gesuergt hat deemools an Estland, an doropshi koum et zu enger Hackerattack, anscheinend vun enger IP aus Moskau -ob do d'Regierung derhannert stoung, weess ech net, et ka sinn, deemno wéi -, an d'Land gouf zwou Woche laang lamgeluecht.

Ech mengen, et ass dee ganze Kontext, u sech e Kontext, deen erëm un de Kale Krich erënnert. An do muss ee sech awer d'Fro stellen iwwert déi Diskussioun vum IT, déi hei beschwat gouf, wat och eise Rôle ass hei zu Lëtzebuerg, an déi Neioplage vu Kalem Krich eranze-geroden. Well, och wann et net ënner eiser Souveränitéit wäert geschéien, stockéiere mir jo deelweis kritesch Donnéeën vun den Esten, am Kontext wahrscheinlech och vun hire Konflikter mat Russland, déi, ech hoffen a mir hoffe wierklech, sech ni wäerte verschäerfen. Leider huet een heiansdo den Androck, datt d'Aussepolitik an och d'NATO-Politik an déi Richtung ginn.

Ech wéll domadder awer elo net Moskau onbedéngt fräischwätzen, mä mir hunn net den Androck, datt mer eng Politik maachen, déi friddensstëftend ass. A mir hunn den Androck, datt mer e bëssen ze vill wäit mat der Nues fortginn, wat déi baltesch Länner ugeet; och eis Implikatioun innerhalb vun de baltische Länner mat Regierungen, wou een awer och muss heiansdo soen, datt se net esou ganz schmackhaft sinn, an déi och ehemoleg Nazie rehabilitéieren. Ech wéll dat emol eng Kéier soen. Dat ass natierlech e hire Choix, mä ech weess net, ob dat ëmmer e ganz gudden Hannergeschmaach huet.

Dofir mengen ech net, datt dat wierklech nëmmen eng Fro vun IT ass. Et ass eng Fro, déi eng geopolitesch Portée huet an déi Lëtzebuerg vill ze vill, an eisen Aen, implizéiert an engem Konflikt, dee sech deelweis ëmmer méi verschäerft. Mir sinn der Meenung, datt een eng aner Roll misst op deem Niveau hunn an net onbedéngt ze vill op där enger oder där anerer Säit misst Partie huelen. Dofir wäerte mer och dergéint stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister fir den Här Ausseminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire.**- Voilà! Merci dem Rapporteur, dem Här Cruchten, fir säi Rapport, a fir déi aner Interventiounen. Ech mengen, dat wat elo vum leschte Riedner gesot ginn ass, depasséiert absolutt de Kader vun dësem Accord a passt och net zu där doter Diskussioun.

Ech hunn elo just dee Projet kritt vun enger Motioun. Bon, et ass elo schwéier, iwwert dat direkt hei ze decidéieren. Ech mengen, do sinn eng Rei valabel Iddien dran, ouni Zweifel, wou et och wierklech wichteg ass, datt mer, wat d'internationalt Recht ubelaangt, där neier Evolutioun vun der Digitaliséierung besser Rechnung droen. Ech mengen, déi Iddi ass absolutt berechtegt.

Ech géif proposéieren, datt mer déi Motioun hei an d'Commission des Affaires étrangères schécken, datt déi sech mat där Fro hei beschäftegt an eventuell dann och nodréiglech zu engem Accord heiropp kënn. Ech mengen, dat kéint eng Léisung sinn, fir elo där Motioun hei zumindest net einfach eng Offouer ze ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Aarbechtsminister.

A just vläicht eng méi perséinlech Bemierkung: Mir waren an deene leschte Méint e puermol an deene baltische Länner als offiziell Delega-

tioun vum der Chamber. Ech wéll net am Raum stoe loossen, dass dat, wat gesot ginn ass iwwer Verharmlosung vun Nazien, Exnazien, en Allgemengplaz an deene Länner ass. Dat wollt ech just präziséieren, well mir hunn an deene Länner och streckeweis ganz gutt fonctionnéierend Demokratien. Just, fir dat awer ze berichtegen. Och déi parlamentaresch Demokratie huet heiansdo hire Wäert, wann ee sech op der Plaz ka vergewësseren, wat gutt leeft, wat schlecht leeft a wou souguer Beispiller geschriwwen ginn. Mä ech mengen, dass dat och net esou gemengt war vun lech.

Merci.

Da géif ech lech bieden, zum Vott iwwert de Gesetzesprojet iwwerzegoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7185 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert. Merci.

A mir géifen zum nächste Punkt iwwerzegoen...

(Interruption)

Ah, entschëllegt! Entschëllegt! Jo, et ass nach deen nächste Punkt: d'Motioun.

Motion 1

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Här President, den Här Minister, deen den Här Ausseminister vertritt, deen huet eng Proposition hei gemaach. Ech hätt mer d'Proposition eischter vum President vun der bausepolitescher Kommissioun erwaart, mä dat ass elo net esou wichteg.

Ech mengen, et ass eng gutt Initiativ, fir ze soen, mir sollten iwwert dee Projet zesummen eng Kéier an der Kommissioun nodenken an et dann nach eng Kéier hei an de Plenum huelen. Ech géif och proposéieren, datt deen zoustänneg Minister bei där Diskussioun sollt derbäi sinn, well de But ass jo e prakteschen: Et geet drëm, datt Lëtzebuerg sollt an der UNO d'Initiativ iwwerhuelen, fir den internationalen Droit an deem Sënn auszebauen.

Och wann déi Konventioun zum Deel op jus cogens berout, ass et awer gutt, fir se ze adaptéieren an ze moderniséieren. An dofir géif ech dann och mat där Proposition d'accord sinn, déi den Här Minister Schmit hei gemaach huet, an da proposéieren, datt mer et op den Ordre du jour vun där zoustänneger Kommissioun huelen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Ass dat esou an der Rei fir jiddwereen?

(Assentiment)

Ma da maache mer dat esou.

(La motion 1 de M. Fernand Kartheiser est renvoyée à la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration.)

A mir géifen dann zum nächste Projet iwwer- goen, dem Projet 7192, engem Amendement zu der Konventioun iwwert d'Mënscherechter. An deesewechte Rapporteur, den Här Yves Cruchten, huet d'Wuert.